

Un der Attert

Un der Atert, no beim Waasser, wou di grousege Pëpple stin,
wunnt de Bauer, Péitche Lauer a séng Duechter, d'Josefin

Refr. O méng Modi, wat e Stodi voller Zodi, Josefin,
ech gesin déch, nach e wéineg, an da gin ech Josefin

Hie wor ëmpege, hatt wor dömpege sou eng Nuddeldampmaschin,
hien hat néng an s éngen Händschen duerfir zéng hat d'Josefin

Refr. O méng Modi, wat e Stodi voller Zodi, Josefin,
ech gesin déch, nach e wéineg, an da gin ech Josefin

Emol gounge et, emol stoung et bei der Baach, eist Josefin,
an du rëtscht et, an du glëtscht et Flupps an d'Baach, eist Josefin

Refr. O méng Modi, wat e Stodi voller Zodi, Josefin,
ech gesin déch, nach e wéineg, an da gin ech Josefin

'T huet getuddelt, 't huet gespruddelt an der Baach, eist Josefin,
well ech awer d'Waasser scheien, loossen ech leien, d'Josefin

Refr. O méng Modi, wat e Stodi voller Zodi, Josefin,
ech gesin déch, nach e wéineg, an da gin ech Josefin